LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

INSTITUT NATIONAL
DES LANGUES
LUXEMBOURG

# SPROOCHENTEST LËTZEBUERGESCH

## MËNDLECHEN AUSDROCK: **FESTER**

Dir hutt Iech fir d'Theema **Fester** decidéiert, fänke mir ganz generell un:

| | | |
|---|---|---|
| 1) | Vu wou kommt Dir? | |
| 2) | Wat fir Fester feiert Dir an *…*? | |
| 3) | Wat fir e Fest hutt Dir am léifsten? Firwat? | |

Da schwätze mir elo fir d'éischt iwwert d'Vergaangenheet:

| | | |
|---|---|---|
| 4) | Wat fir e Fest hutt Dir fir d'lescht gefeiert? | |
| 5) | Wéini war dat? | |
| 6) | Wie war do invitéiert? | |
| 7) | Mat wiem waart Dir do? | |
| 8) | Hutt Dir e Kaddo matgeholl? | |

**Wa jo :**

| | | |
|---|---|---|
| 9A) | Wat war dat? Erzielt eis kuerz wgl.! | |

**Wa nee:**

| | | |
|---|---|---|
| 9B) | Firwat net ? | |

| | | |
|---|---|---|
| 10) | Wat fir Kleeder an Accessoiren hat Dir un? Beschreift se e bëssen, wgl.! | Gitt eis wgl.e puer Detailer! |

Voilà, komme mir dann elo zu verschiddene Fester, zum Beispill Hochzäiten:

| | | |
|---|---|---|
| 11) | Gitt Dir gär op Hochzäiten? | |
| 12) | Firwat? / Firwat net? | |
| 13) | Wéi ass eng typesch Hochzäit an Ärem Land? | |
| 14) | Wéi laang dauert eng Hochzäit bei Iech? | |
| 15) | Wou kann een eng Hochzäit feieren? | |
| 16) | Wien ass normalerweis invitéiert? | |
| 17) | Wat huet d'Brautkoppel un? | |
| 18) | Wat sollen d'Gäscht net maachen? | |
| 19) | Wat ass en typeschen Hochzäitskaddo? | Wat schenkt een der Brautkoppel normalerweis? |

Voilà, schwätze mir dann elo iwwert en anert Fest, e Gebuertsdag:

| | | |
|---|---|---|
| 20) | Hutt Dir Kanner, wann ech froen däerf? | |

**Wa jo :**

| | | |
|---|---|---|
| 21A) | Wéi organiséiert Dir hire Gebuertsdag? | |

| | | |
|---|---|---|
| | **Erzielt eis kuerz wgl.!** | Gitt eis wgl.e puer Detailer! |

**Wann net:**

| | | |
|---|---|---|
| 22B) | Wéi hutt Dir Äre Gebuertsdag als Kand gefeiert? | |

| | | |
|---|---|---|
| 23) | Feiert Dir Äre Gebuertsdag? | |
| **Wa jo:** | | |
| 24A) | Wéi organiséiert Dir Äre Gebuertsdag?<br>Erzielt eis kuerz wgl.! | Gitt eis wgl.e puer Detailer! |
| 25A) | Wien invitéiert Dir deen Dag? | |
| 26A) | Wou feiert Dir am léifsten? | |
| 27A) | Wat si Virdeeler vun dëser Plaz? | Wat si positiv Aspekter vun dëser Plaz? |
| 28A) | Wat sinn Nodeeler? | Wat sinn negativ Aspekter? |
| 29A) | Wat hätt Dir gär als Kaddo fir Äre Gebuertsdag? | |
| 30A) | Ass e Kaddo fir Iech obligatoresch ? | |
| | Wéini war Äre schéinste Gebuertsdag? Erzielt eis kuerz wgl.! | Gitt eis e puer Detailer wgl.! |
| **Wann nee:** | | |
| 24B) | Firwat net? | |

Voilà, schwätze mir dann elo iwwert en anert Fest, en Nopeschfest:

| | | |
|---|---|---|
| 31) | En Nopeschfest: Wat haalt Dir dovun? | Feiere mat den Noperen:<br>wéi fannt Dir dat? |
| 32) | Waart Dir schonn op engem Nopeschfest? | |

**Wa jo :**

| | | |
|---|---|---|
| 33A) | Erzielt eis kuerz wgl.! | Gitt eis wgl. e puer Detailer iwwert d'Fest! |

**Wa neen:**

| | | |
|---|---|---|
| 33B) | Firwat net ? | |

Schwätze mer nach iwwert Är Pläng a Projeten:

| | | |
|---|---|---|
| 34) | Wat fir eng Zort Fest feiert Dir als nächst? | |
| 35) | Wéi feiert Dir? | |
| 36) | Wat organiséiert Dir? | |
| 37) | Fir wie géingt Dir gär eng Kéier eng Party organiséieren? | |